

Oppositioun an notamment kee vun de Sozialisten dobäi war.

**M. Jeannot Krecké** (*LSAP*).- Reprochéiert Dir eis an der Sitzung ze sinn?

**M. Jean-Paul Rippinger** (*DP*).- Et deet mer Leed, datt den Ordre du jour changéiert gouf, wat mech vun dem immense Pleséier privéiert huet d'Orakel vun Delphi, nämlech dat wat den Här Bodry elo hei gesot huet bis an d'Joer 2004 eran, ze héieren. Ech kann dat alles elo net novollzéien, well ech sinn nach net esou wäit, datt ech d'Orakel vun Delphi oder d'Boule liese kann.

**(Interruptions)**

Jiddefalls ass meng Fraktioun d'accord mat deem, wat d'Regierung proposéiert, och mat der Affectatioun vun de Fonge selbstverständlech, wat mir ëmmer revendiquéiert hunn a wat Dir iwwrengens ni gemaach hutt. Mir ginn dofir eis Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

**M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Dir sidd gutt préparéiert. All Respekt!

**M. le Président**.- Den Här Greisen huet d'Wuert.

**M. Fernand Greisen** (*ADR*).- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech wëll mäi Kolleeg, den Här Gast Gibéryen, entschëllegen, deen a politescher Missioun ënnerwee ass.

**(Hilarité)**

Hie sollt eis Positioun hei erklären, well hien an där zoustänneger Kommissioun Finanzen a Budget ass. Well hien awer verhënnert ass, huet hie mech gefrot lech op e puer Punkten opmierksam ze maachen.

Dat éischt betrëfft d'Héicht vun den Iwwerschëss. Wa mir am Joer 2000 672 Milliounen Euro Iwwerschëss haten, da sinn et der am Joer 2001 - wou mer driwwer schwätzen - nach 152 Milliounen Euro. D'wirtschaftlech Situatioun wäert et mat sech bréngen, datt et fir d'lescht ass, dass iwwerhaapt nach en Iwwerschoss opweises ass. Wat dat mat sech bréngt, dat huet mäi Virriedner, den Här Bodry, scho kloer gesot. Bei den Infrastructures ferroviaires, déi mer hei kierzlech gestëmmt hunn, hunn ech op déi Problemer an deen Ënnerscheed higewisen, deen dora besteet, wat mer votéiert hunn a wat effektiv am Fong zur Verfügung steet.

En zweete Punkt ass d'Verwendung, déi dës Sue kréien. Bei de Fongen, déi gespeist ginn, feelen an den A vum ADR zwee wichteg Fongen, déi och misste gefiddert ginn, an zwar de Fong vun de Pensiounen an de Fong fir d'Gemenge, déi jo bekanntlech an enger ganz schlechter Situatioun sinn.

Zum Schluss wëll ech nach eng kéier hiweisen op dat, wat mäi Kolleeg de Gast Gibéryen a sengen Ausféierunge bei d'äerselwecher Geleeënheet virun engem Joer gesot huet a matdeelen, dass mer grad wéi deemools eisen Accord net kënne ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président**.- Den Här Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*).- Här President, ech wäert et elo net maache wéi den Här Bodry fir déi Budgetsried ze halen, déi hie schonn hei gehalen huet, wat zwar korrekt ass, well et ass plus ou moins dat, wat ech och a menger Budgetsried am Dezember hei gesot hunn, wat eis Aschätzung ubelaangt fir 2004, 2005 vun de Statsfinanzen. Ech deele seng Analys. Dat ass och sécherlech de Grond, firwat datt mir dat hei net wäerte stëmmen niewent dem Aspekt awer, datt mer d'Prozedur nach ëmmer a Fro stellen, wéi d'LSAP och.

Ech wëll just op e klengen Detail hiweise bei der Affectatioun vun de Plus-valuen, an zwar d'Affectatioun vu 15 Milliounen Euro an de Fonds pour la loi de garantie. Firwat maachen ech dat? Mä ech maachen dat, well mer de Moment op enger anerer Plaz, an zwar an der Kommissioun, eng interessant Diskussioun féieren iwwer eng Institutioun an dësem Land, de Fonds du Kirchberg, e Fong, wou behaupt gëtt, datt e keng Gelder géing kréien iwwert de Statsbudget an de President dervun ëmmer der Meinung ass, datt de Fong ausschliesslech sech selwer géing finanzéieren duerch Terrainen, déi e géing verkaufen oder soss Recetten, déi en hätt, onofhängeg vum Fait natierlech, deen ech net akzeptéieren, datt en da mécht wéi wann dat mam Stat iwwerhaapt näischt ze dinn hätt, obwuel dee Fong zu 100% dem Stat gehéiert a souwéiso all d'Avoire mat deenen eng Kéier ugefaange ginn ass staatlechersäits waren, an do hunn ech ëmmer behaupt, datt dat net géing stëmmen, an datt effektiv och iwwert den normale Budget de Fonds de l'aménagement du Kirchberg géing Sue kréien.

De Bewäis kréie mer haut schwaarz op wäiss. 15 Milliounen Euro ginn an de Fonds pour la loi de garantie gespeist, déi geduecht si fir d'Prise en charge vu Remboursementen vun Annuitéite fir Gebaier, déi de Fonds du Kirchberg pour le compte de l'Etat um Kierchbiere gebaut huet. Schwaarz op wäiss läit et hei um Dësch, datt och iwwert den normale Budget dee Fong Gelder vum Stat kritt, donc ass och fir mech schwaarz op wäiss de Bewäis erbruecht, datt alles dat wat ech a mengem Rapport geschriwwen hunn - dee jo an der Zwëschenzäit anscheinend vun enger Majoritéitspartei staark contestéiert gëtt - iwwert den Artikel 99 an esou weider, datt dat wahrscheinlech fir dee Fong do zoutréfft.

Ech wollt dat just hei bemierken. Fir de Rescht, wéi gesot, schléissen ech mech deem un, wat den Här Bodry gesot huet. Mir stëmme selbstverständlech dëse Projet net.

**M. le Président**.- Merci, Här Bausch. Et ass kee Riedner méi ageschriwwen an d'Regierung huet d'Wuert. Här Minister, wann ech glift.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget**.- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, dëse Projet kann ee kuerz oder och laang behandeln, an esou wéi d'Intervenanten dat de Mëtteg gemaach hunn, zweifelt een am Fong drun, ob ee soll kuerz soen.

Hei ass de Bewäis erbruecht ginn, datt d'Suen uerdentlech geréiert gi sinn, gemäß der Politik, déi mer an deene leschte fënnf Joer ëmmer gemaach hunn. Wa méi Suen erakommen, ginn déi Suen an Investitiounsfonge fir Infrastrukturbauten ze finanzéieren. Och dat ass hei konsequent duerchgefouert ginn. Domadder kéint een am Fong dës Ried ophalen an dat misst derzou féieren, datt dës Chamber dëse Projet géing stëmmen, well kee ka mir erklären firwat mer eis net sollen driwwer freeën, wa mer méi erakréien a wa mer déi Suen dann utiliséiere fir Infrastrukturbauten ze finanzéieren, déi am Intérêt vun alle Leit hei am Land an och vun den zukünftege Generatiounen sinn.

Den Här Bodry huet als Spriecher vun der gréisster Oppositionspartei et derwäert fonnt méi wäit auszuhelen. En Fait sinn ech him dofir dankbar, well hie mer esou d'Geleeënheet gëtt op déi gesond a zolidd Finanzsituatioun op engem schwierregen Ëmfeld hinzewisen, elo an an der Zukunft. Hätte mer nämlech eng PISA-Etüd vun de Statsfinanzen an Europa, da géing ech hoffen, datt déi géing grad esou vill kommentéiert gi wéi aner ähnlech Etüden. Well et ass unique an Europa, datt mer net nëmmen 2001, mä och 2002 zu Lëtzebuerg

et fäerdeg bruecht hunn de Budget am Equilibre ze halen, jo souguer mat engem Iwwerschoss ofzeschléissen.

An dat trotz dem Fait, datt contrairement zu deem, wat den Här Bodry gesot huet, déi manner héich Iwwerschëss dohier kéimen, datt d'Wirtschaft nogelooss hat. Dann ass dat sécher ee vun de Facturen...

**(Interruption)**

Jo, mä ech wollt dorop zrëck...

**(Interruption)**

Jo, jo, mä dat ass nëmmen d'hallef Realitéit, well et ginn zwee aner Facteuren, déi erkläre firwat den Iwwerschoss manner grouss ass. An dat eent, dat ass, datt mer d'Recetten am Joer 2001 wëllentlech politesch méi héich agesat hunn, fir se ebe méi no bei der Realitéit ze hunn, déi schwierig anzeschätzen ass.

Et ass also de Contraire vun deem wat virun hei gesot ginn ass. Ech hunn nämlech gekuckt, beim Projet de budget 2001, do sinn d'Recetté méi héich agesat ginn, ëm 12,7%. Dat war well mer versicht hunn do méi no un d'Realitéit ze kommen, awer och opgrond vun deene groussen Iwwerschëss vum Joer 2000. Dat heescht et ass also wann elo d'Excédenté manner héich sinn - an dat ass deen drëtste Punkt, loosst mech fir d'éischt deen zweete soen -, et ass also well mer d'Recetté méi héich agesat hunn, well mer se esou no wéi méiglech un d'Realitéit wollten upassen, wat schwierig ass am Virfeld, besonnesch well mer - an dem Rapporteur, deem ech merci soe fir seng Aarbecht - drop higewisen hunn, datt mer deemools vun enger Croissance économique vu 6 bis 8% vum PIB en valeur ausgaange sinn.

Do hu mer d'Recetté méi héich agesat, an dofir ass et normal, datt dann d'Excédentén och manner héich sinn, et gëtt also d'Ursaach vum ominéise wirtschaftleche Wuesstum, zweetens hu mer d'Recetté méi héich agesat, an dann ass et logesch, datt d'Excédentén, wann der kommen, da manner héich sinn, an eng drëtt Ursaach ass, an déi wëll ech awer gären hei emol nach eng Kéier ënnersträichen.

Dës Regierung, dës Majoritéit huet all déi Joren 2001 an 2002 eng enorm grouss Steuerreform gemaach. Domadder ass et logesch, datt besonnesch am Ufank vill manner Steieren erakommen, et huet een dann d'Hoffnung, datt dat de Konsum ukuerbelt, d'Investitiounen ukuerbelt. Mir hunn an de Joren 2001 an 2002 op eng 450 Milliounen Euro Recetté bei de Personnes physiques verzicht, dat heescht déi mer de Leit méi ginn hu fir besser ze liewen, bei de Betriber hu mer op 400 Milliounen Euro verzicht. 17 Milliarde Lëtzeburger Frang fir Privatpersounen, 16 Milliarde grosso modo iwwert déi zwee Exercice fir Personnes morales, dat ass net näischt, an och dat erkläert firwat d'Excédenté manner héich sinn, mä ëmmerhi solle mer eis freeën iwwert déi Excédentén, well se sinn d'Resultat vun enger gewolltener Politik, vun enger Politik, déi net einfach ass, mä mat där mer och am Joer 2002 virugefuer sinn.

D'Joer 2002, an ech soen dat nach eng Kéier, wann et an Europa iwwerall mat Defiziter ofgeschloss huet, zu Lëtzebuerg hu mer et fäerdeg bruecht mat engem Iwwerschoss ofzeschléissen, e Budget an Equilibre ze hunn, dat war eist Zil. Mir hunn en Iwwerschoss vu ronn 60 Milliounen Euro.

#### 4. Dépôt d'un projet de loi

An et ass och dofir firwat ech de Mëtten, Här President, hei an dëser Sitzung de Projet de loi iwwert de Compte général vum Exercice 2002 déposéieren, wëssend de Wëllen souwuel vun der Regierung wéi vum Parlament, fir kënne schnell déi Chifferen ze kucken. Dofir hutt Der déi Méiglechkeet, well, wéi gesot, de Kont hu mer elo just ofgeschloss, et kann also, wann d'Chamber an de Conseil d'Etat dat wëllen, an deenen nächste Wochen och heiriwwer ofgestëmmt ginn, dann direkt no der Vakanz, also virun de Budgetdebatten, fir datt een och dat viregt Joer direkt ofgeschloss huet, an et ass dofir wou de Grand-Duc eis den 13. Juni autoriséiert huet, dëse Projet hei an der Chamber ze déposéieren.

- *Projet de loi N° 5171 portant règlement du compte général de l'exercice 2002.*

Wann ech glift, Här President.

**M. le Président**.- Ech huelen Akt vum Dépôt vum Projet de loi 5171, deen un déi zoustänneg Kommissioun weider gereecht gëtt.

#### 5. 5083 - Projet de loi sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice 2001 (suite)

**Discussion générale (suite)**

**(Interruption)**

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget**.- En ass komplett. Duerch vill Iwwerstonnen, déi gemaach gi sinn, hu mer e fäerdeg bruecht, wou ech och deenen all wëll dankbar sinn an der Trésorerie an am Finanzministère, déi sech déi vill Méi ginn hu fir all déi Annexen, déi reng technescher Natur sinn, fäerdeg ze kréien. Mir hunn dee politesche Volet dozou selbstverständlech och ofgeschloss.

Do gesäit een, datt mer och am Joer 2002, wat kee Land fäerdeg bruecht huet, en Iwwerschooss gemaach hunn. An dat bréngt mech zu deem Punkt, deen den Här Bodry hei in extenso ugeschwat huet, vun den Investitiounsfongen, iwwert déi mer d'Infrastrukturausgabe bezuelen: Schoulen, Spideeler, Stroossen, Schinnen an esou weider. Et stëmmt, datt mer do ganz héich Dépensen hunn an et stëmmt, datt mer déi ganz gutt müssen an engem schwierigen ekonomeschen Ëmfeld am Bléck behalen. Et stëmmt awer och, an dat hu mer d'lescht Joer gesot, an dat soen ech och haut nach eng Kéier, datt een net nëmme ka soe wéi vill Recetten an engem Joer erakomm sinn a wéi vill een an deem Joer ausgëtt, d'Approche Maastricht, well se net de Reserven, déi constituéiert gi sinn, Rechnung dréit.

Ech wëll hei nach eng Kéier drun erënneren, datt mer um 1. Januar dëst Joer Avoiren an de Fonge vun 2,5 Milliardn Euro haten. Ech wëll och drun erënneren, datt mer eng cumuléiert Budgetsreserv haten, déi nach net affectéiert ass, vum 1. Januar vu 560 Milliounen Euro. Alles ronn Chifferen. Déi muss ee mat berücksichtegen, wann een déi Ausgabe kuckt, déi mer iwwert déi nächst Joren an de Fongen hunn, plus déi Dotatiounen, déi mer selbstverständlech am Budget musse maachen an déi mer och an deenen nächste Joren op engem héijen Niveau müssen halen.

Wann een awer dat Gesamtbild kuckt, Reserve plus Dotatiounen, an da vergläicht een dat mat den Ausgaben, ech mengen da sinn déi Ausgaben och an deenen nächste Joren ze tätegen. Wann an deenen nächste Joren elo nach eng méi massiv Diminutioun vun de Recetté géing kommen, da muss een ebe bei verschiddene Projeten an deem Moment kucken,

ob een déi ganz oder nëmmen hallef mécht. Dat hu mer och an der Vergaangenheet esou gemaach wéi mer d'Nordstrooss ugefaangen hu mat bauen. Do hu mer gesot, mä wa mer ënnerwee net fäerdeg ginn, da muss een déi an der Halschent ophalen. Mir hunn et konsequent duerchgezunn, an esou geet dat och bei anere Projeten, wann een duerno géif feststellen, datt ee se net all kéint finanzéieren.

Mä mir schreiwen net egal wat an déi Fongen, mir schreiwen déi Projeten dran, déi mer prioritär fannen an déi mer och meng mir kéinten se opgrond vun der aktueller Situatioun finanzéieren. An dofir muss een och e ganz schaarfle Bléck permanent op dat lafend Joer hunn. Et muss een also kucken, wat hu mer gemaach, wat hu mer op d'Säit geluecht fir ze finanzéieren a wéi leeft dat lafend Joer. An dofir kucke mir systematesch dat lafend Joer.

Wann ech kucken, déi dräi éischt Méint vun dësem Joer oder souguer déi fënnf éischt Méint vun dësem Joer, da stellen ech fest, datt mer no dräi bis fënnf Méint vun dësem Joer an der Exécutioun vum Budget do sinn, wou mer am Fong wollte sinn, obschonn datt et ëmmer schwierig ass eng Momentopnam ze maachen. Dat hängt zum Beispill dovun of, ob just eng Tranche bei de Steieren erfall ass, wou d'Leit hir Avancé bezuelt hunn, wou d'Betriber eng Echéance haten, dat hängt op der Dépensésäit dovunner of wéi vill een a verschidde Fongen op engem gewëssene Moment gemaach huet.

Mä wann ech d'Situatioun Enn Mäerz kucken, dat waren och déi Chifferen, déi de Statsminister an der Erklärung zur Lag vun der Natioun genannt hat, dann huet hien lech du gesot, datt mer zu deem Moment Enn Mäerz e liichten Iwwerschoss an de Recetté par rapport zu de Budgetsdépensen hatten, an datt mer en ligne ware mat deene Recetté wéi mer eis se an deem Moment erwaart haten. Wann een einfach d'Joer opdeelt an eng theoretesch Recette rechent op esou vill Zwielftel vum Joer, da gesi mer, datt mer an de Recetté plus ou moins do si wou mer misste sinn.

Ech iwwerreechen lech och haut, Här President, déi trimestriell Situatioun, déi mer am Dezember hei versprach haten.

**(M. Luc Frieden dépose un document - à consulter au Greffe de la Chambre des Députés)**

Dat ass also déi vun Enn Mäerz, Dir kritt also Enn Juli déi nächst. Ech kann lech soen, datt d'Situatioun Enn Mee llicht méi schlecht war wéi déi, déi Dir am Mäerz gesinn hutt. Do sinn awer verschidde Fongen an Zwëschenzäit substanzéiell dotéiert ginn, wou mer also déi ganz Dotatioun vum Joer scho gemaach hunn. D'Echéance vun de Steiere vum Juni ass net dobäi, dofir, gesidd Der, musst Der am Fong all dräi Méint dat kucken. Dat hate mer am Dezember esou diskutéiert.

Ech iwwerginn lech elo hei, Här President, d'Chiffere mat den Erklärungen vun Enn Mäerz an ech géing lech bieten de Membere vun der Finanzkommissioun déi ze ginn, oder och all de Kolleegen hei an der Chamber, fir datt mer déi kënnen am Detail diskutéieren.

D'Konklusiounen awer vun deene Chiffere sinn, datt mer en ligne si mat deem wat mer hei virum Parlament gestëmmt kritt hunn, an datt mer ganz strikt a ganz consciencieux kucken d'Exécutioun vum Budget ze maachen. Mer si bei de Recetten ëm 50 Milliounen en retard, mä wéi gesot dat wäerte mer am Juni ophuelen a wéi gesot, bei den Dotatiounen vun de Fonge maache mer et esou wéi et virgesinn ass, mä mer hu se net direkt ganz dotéiert, fir ëmmer deen Equilibre Recetten an Dépensen ze halen, genausou wéi mer dat och an



der Vergaangenheet gemaach hunn, mir si mat trimesteriellen Avancé gefuer.

Ech mengen, datt mer et fäerdeg bréngen och an dësem Joer en équilibréierten oder e méi équilibréierte Budget ze halen. Dat hu mer iwwregens och 2002 hei am Parlament gesot an deemools huet all Mënsch gesot: 2002, Katastrof, et gëtt een décken Defizit. Dat ass net komm, mä ech soen, dat kënnt nëmmen, wa mer ganz strikt sinn, esouwuel op der Ausgabesäit wéi op der Recettësäit, woubäi mer op der Ausgabesäit eis ëmmer mussen un der Recettësäit inspiréieren. Mat vill Discipline op béide Säite wäert d'Exécutioun vum Budget esou bleiwe wéi mer et versprach hunn. Am Budget 2000...

*(Interruption)*

Ma dach, ech kann lech déi Budgetsrieden...

**Une voix.** - Jo dach, dat hätt ech awer gären wann Der mer dat zitéiert.

*(Interruption)*

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Ech bréngen lech dann déi Rieden, mä et ass och egal, op jiddfer Fall...

*(Interruption)*

Mä tant mieux wann Der dann allequerte sot, Dir hätt dat och fir 2002 virausgesinn, da kënnt Der dat jo och positiv stëmmen.

Ech stelle fest, an ech hätt gären, datt d'Leit am Land feststellen, opgrond vun de Chifferen, datt mer 2001 de Budget am Equilibre hunn, am Iwwerschoss hunn. Ech hätt gären, datt Dir heibannen an d'Leit am Land feststellen, datt mer 2002 de Budget am Equilibre hunn an en Iwwerschoss hunn, a mir wäerten alles dru setze fir dat och 2003 esou ze behalen.

An ech soen lech, wa mer dat responsabel maachen, wa mer wëssen, datt mer hei net mat de Statsuen ëmginn, mä mat de Sue vun de Steuerzueler, a wa mer net alles zugläich realiséieren an an de Wahlprogrammer an an de Rieden net egal wat fuerderen, dann ass et mer och net Angscht fir d'Budgeten 2004 an 2005 an och net 2006, mä dofir mussen déi, déi dat responsabel maachen, och weider d'Responsabilitéit an deene Beräicher behalen.

Déi, déi Angscht virun deene Joren hunn, déi mussen da soen op wat déi Angscht baséiert, dat hu se de Mëtten net gesot, si hunn einfach gesot do wäre falsch Chifferen, se kënnten dat net ënnerleeën. Ech mengen, wann ee verantwortungsvoll mat de Suen ëmgeet, da kann een och déi Budgete vun deenen nächsten dräi Joer op eng rationabel Aart a Weis maachen. Mir wäerten...

**M. Alex Bodry (LSAP).** - Här Minister, am Spidolsfong sinn net déi richteg Chifferen.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Also éischens emol huet gëschter d'Chamber, mengen ech, e Gesetz gestëmmt wat deem Spidolsfong nach méi Dépenses agesat huet. Dann hätt Der missen an der Logik dovunner emol eng Rei vun...

**M. Alex Bodry (LSAP).** - Wien huet dee Projet dann erabruecht hei?

*(Interruptions et brouhaha général)*

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Mir hunn en erabruecht, well mer der Meinung sinn, datt déi...

*(Interruptions)*

Selbstverständlech, mir hunn en erabruecht, well mir jo och net soen, wéi den honorablen Här Bodry, datt et falsch Chiffere wieren.

**M. Alex Bodry (LSAP).** - Am Fong si falsch Chifferen. Dann äntwert net egal wat, am Fong si falsch Chifferen.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Dann hätt Der gëschter net sollen dee Projet stëmmen.

**M. Alex Bodry (LSAP).** - Da gitt eis déi richteg Chifferen.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Dat sinn déi richteg Chifferen.

**M. Alex Bodry (LSAP).** - Neen, dat sinn nach ëmmer déi al Chifferen. Déi Enveloppe supplémentaire, déi gëschter gestëmmt ginn ass, ass net dran.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).** - Déi ass net an de Fongen dran.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Ech verstinn elo, firwat dass den Här Asselborn Äre Spätzekandidat ass.

*(Hilarité)*

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Also, op jiddfer Fall mengen ech, soll een dat onopgereegt kucken. Ech si frou, datt d'Joer 2001, wat den Objet vun dësem Projet de loi ass, esou e Resultat hat, an datt dat d'Opposition opreegt kann ech verstoen. Ech wär opgereegt, wann d'Resultater anerer wäeren. Ech si frou, datt d'Resultat esou ass. Ech si frou, datt mer de Projet, de Kont 2002 esou ofgeschloss hunn. Ech wär frou, wann och d'Parlament dee geschwë kënnt...

*(Interruptions)*

Ech hoffen, datt mer och no de Wahlen, Här Bodry, kënnen op eng responsabel Aart a Weis déi Budgetspolitik viruféieren, mä ech soen awer zugläich, dofir kann et weder am Budget 2004 nach an de Wahlprogrammer, déi d'Opposition vläicht éischter schreift wéi d'Majoritéit, Versprieche ginn, déi net ze finanzéiere sinn.

Well d'Zäite si schwierig an an Zäite vu Schwierigkeeten, an déi sinn do, d'Recetten am Finanzsecteur gi manner grouss, dat muss ee soen an et muss een doraus d'Konsequenzen zéien. Dat muss ee calme maachen, dat muss ee responsabel maachen, an dofir brauch een och eng gewëssen Erfahrung, déi op der Vergaangenheet baséiert. Mir wäerten dat mat der nämlechter Rou virumaachen an eis do net vun deenen aus dem Konzept brénge loossen, déi d'Joren 2005 an 2006 elo scho fäerten.

Ech soe merci all deenen, déi dëse Projet stëmmen a virun allem dem Rapporteur, deen dat esou kurz und bündig, mä dofir prezis hei presentéiert huet.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Här Minister. D'Parole après ministre vum Här Krecké.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).** - Här President, ech wëll dem Kolleg Budgetminister an Erënnung ruffen, wat eis Partei gesot huet zu de Konten an zum Budget.

*(Interruptions)*

Mir hunn net behaupt, an dat ass nozeliesen, Här Minister, dass am Joer 2002 géing en Defizit laut eisen Normen entstoën. Mir hu gesot: Dir rett lech esouguer iwwert d'Wahlen ewech, doduerch dass Der wahrscheinlech 2004 nach e Budget en équilibre vläicht kéint presentéieren an duerno «kommt das grosse Erwachen», bei de Konte vun 2003, hu mer gesot, an doudsécher beim Budget 2005. Nozeliese bei deem wat ech gesot hunn am Numm vun eiser Fraktioun, näischt anescht hu mer gesot. Wann ech glift leet eis net eppes an de Mond wat mer net ge-

sot hunn. Mir hunn also net gesot, den Defizit vun 2002.

Wann Der awer wëllt, wëll ech ënnersträichen, dass dat nëmme laut eise Regeln ass. Wa mer d'Regelen huele vu Bréissel, dann hu mer Defizit. Wann Der dat gär héiert, da soe mer lech et. Do hu mer gesot, déi si kloer virgezeechent, a mir hunn hei keng Polemik doriwwer elo gefouert. Mä wann ech glift, gitt nëmmen dat erëm, wat mer wierklech gesot hunn.

**M. le Président.** - Den Här Frieden freet d'Wuert.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Fir datt d'Leit dobaussen dat och verstinn, wëll ech nach eng Keier soen, datt wann een d'Recetté minus d'Dépense vun engem Joer kuckt, dann ass dat wat den Här Krecké virdu gesot huet - ech hat dat och a menger Ried gesot - richteg.

Well d'Investitionsausgaben an dëse Joren, duerch gewollte Politik vun der Regierung, si méi héich wéi d'Recetté vun deem Joer, mä déi Méiausgaben, déi mer hunn, déi bezeule mer net op Puff oder op Suen, déi mer net hunn, mä op déi Suen, déi mer wëssentlech a wëllentlech op d'Säit geluecht hunn, notament am Joer 1999 an 2000, wou d'Excédenté ganz héich waren, an och 2001, wat Der elo grad stëmmt a sollt stëmmen, well da kënne mer dee Speck nach méi uleeën. Dat wat hei gemaach gëtt, dat wat Dir haut stëmmt ass dee Speck, fir datt mer déi Investitionsausgabe kënne stëmmen. An domadder hale mer no eiser Kontabilitéit dat wat mer erakréien, en plus dat wat mer op d'Säit geluecht hunn, am Equilibre mat deem wat mer ausginn.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Den Här Ben Fayot kritt d'Parole après ministre.

**M. Ben Fayot (LSAP).** - Et ass net d'Parole après ministre, mä ech wollt eppes riichtstellen, wat den Här Rippinger elo éinescht gesot huet. Ech wëll just soen, dass ech dat fir deen Entretien de Mëtte mat der iranischer Delegatioun nokontrolléiert hunn, an dass ech keng Invitatioun kritt hunn. Ech sinn net bekannt als een hei an der Chamber, dass ech net un internationale Konversatiounen mat Delegatiounen deelhuele. Ech hunn also keng Invitatioun dofir kritt an ech konnt also och net deen Abléck bei där Invitatioun derbäi sinn. Dat, well den Här Rippinger geduecht huet, hei express d'Sozialiste missten ervirzesträichen, dass se hir parlamentaresch Flichten net géife wouerhuelen.

*(Interruptions)*

**M. le Président.** - Dont acte. Esou vill wéi ech weess hu mer alleguerten als Deputéierten d'Informatioun kritt vun der Visite vun den Iraner haut, an do stoungen d'Nimm vun all deene Leit, déi an der Kommissioun vun den Affaires étrangères sinn, drop. Normalerweise hätt missen den Här Ben Fayot a sengem Courrier électronique déi Invitatioun och hunn. Dann ass säi Courrier électronique vläicht net gaangen. Mä esou vill wéi ech weess, huet d'Chamber dat do verschéckt.

*(Interruptions)*

Voilà. Den Här President huet mech gefrot, vu dass déi iranesch Delegatioun nach hei ass a vu dass hien net kann hei sinn, fir dann elo d'Ofstëmmung net ze maachen zu dësem Projet, mä ze waarde bis nom zweete Projet.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen dann elo zum Projet de loi 5122 modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée.

De Rapporteur vun deem Projet ass den Här Hauptert. Här Hauptert, Dir hutt d'Wuert.

## 6. 5122 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

**M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.** - Här President, fir unzefänken erlaabt mer, datt ech zwee Mercien hei wëll aussprieche. E Merci u meng Kolleegen aus der Kommissioun, déi bereet waren zwee Deeg, nodeem datt de Statsrot säin Avis geholl huet, dëse Projet an der Chamber hei ze evaluéieren. Dat ass e Beweis, datt mer an der Chamber schnell reagéiere kënnen, wann et ëm wirtschaftlech Intérêt vun eise Land geet. Dat ass mat Sécherheet och e Standuertvirdeel fir Lëtzebuerg, an ech sinn iwwerzeegt, dass de Statsminister an de Wirtschaftsminister, wa se am Ausland fir nei Betriber werben, och dat Beispill wäerten zitéieren.

En zweete Merci geet un d'Beamten aus dem Finanzministère, dem Administrateur général Gast Reinesch a sengem Mataarbechter, dem Romain Heinen, fir hir hëllefäräich Erklärungen zu engem wierklech komplizéierten Text.

Här President, Dir Dammen an Dir Härden, de Projet 5122 gesäit d'Emsetze vun zwou EU-Direktiven an eis national Gesetzgebung vir.

Déi éischt Direktiv ass déi iwwert d'Facturatioun am Beräich vun der TVA an huet als Objekt d'Moderniséierung, d'Harmonisatioun an d'Vereinfachung vun der Facturatioun.

Wat d'Modernisatioun ubelaangt, esou versicht de Projet sech der Entwécklung vun deenen neien Technologien unzepassen, andeems datt hien éischstens déi elektronesch Rechnungen zouléisst, zweetens d'Transmissioun vun de Rechnungen iwwert den elektronesche Wee méiglech mécht an drëtzens den elektronesche Stockage vun de Rechnungen an de Kontabilitéitsdokumenten erlaabt, an dat an iergendengem Land vun der Europäescher Unioun.

Weider gesäit d'Direktiv eng Harmoniséierung a sämtlechen EU-Länner vir, wat den Datum vun de Rechnungen ubelaangt an d'Angaben, déi mussen op enger Rechnung enthalte sinn. Dat sinn der am Ganzen 13.

Wat den drëtten Objectif ubelaangt, datt heescht d'Vereinfachung vun der Facturatioun am Beräich vun der TVA, esou erlaabt déi Direktiv éischstens d'Autofacturatioun, datt heescht an Zukunft kann och ee Client, wann hien dat mat sengem Fournisseur ofgeschwat huet, eng Facture erstellen.

Zweetens gesäit se vir, d'Sous-traitance vun der Facturatioun, datt heescht de Fournisseur brauch seng Facturatioun net méi a sengem eegene Betrib ze maachen, mä hie ka se an en anere Betrib outsourcen.

Drëtzens gesäit d'Direktiv d'Facturation périodique vir, datt heescht e Fournisseur ka sämtlech Liwwerungen, déi hie mat deemselwechte Client huet an déi an engem selwechte Mount geschitt sinn, op enger Facture zesummefaassen.

Véiertens gesäit d'Direktiv eng vereinfacht Form vun der Rechnung vir, wann de Betrag net méi wéi 100 Euro ass.

Fënneftens gesäit d'Direktiv d'Wiel vun der Sprooch an der Währung an där d'Rechnung verfaasst ass vir, fir deen, deen d'Rechnung ausstellt. Déi eenzeg Obligatioun fir Lëtzebuerg ass déi, datt d'TVA awer muss an Euroen ausgedréckt sinn.

Zum Schluss gesäit d'Direktiv och vir, dass bei engem Lot vu Rechnungen un deemselwechte Fournisseur, pardon, un deemselwechte Client déi allgemeng Angaben, déi op all Rechnung sinn, nëmmen eemol brauchen unzegi sinn.

Déi zweet Direktiv ass déi iwwert den TVA-Regime bei de Radios- an Televisiounsservicer a verschidden Dénegschtleeschungen, déi iwwert den elektronesche Wee geliiwert ginn. Den Haaptobjektiv vun dëser Direktiv ass d'Konkurrenzverzerrung, déi nom heitege Regime tëschent de Fournisseuren aus den EU-Länner an deenen aus Drëttlänner besteet, aus der Welt ze schaffen.

D'TVA ass jo eng Verbrauchersteuer a misst am Prinzip och vum Ennverbraucher bezuelt ginn an deem Land zegutt kommen, wou de Konsument wunnt. Well deen awer meeschtens net der TVA ënnerläit, hält dee leschte Fournisseur d'TVA zréck an dréit se un d'Verwaltung of. Bei den elektronischen Dénegschtleeschungen ass et méi schwéier den Ennverbraucher ze lokaliséieren an doduerch waren och d'Liwwerunge vun esou Servicer vun der EU an Drëttlänner net ëmmer vun der TVA befreit. Par contre waren d'Importatiounen vun esou Servicer vun engem Drëttstat an en EU-Land net ëmmer vun der TVA erfaasst an doduerch ass déi Wettbewerbsverzerrung tëschent den EU-Lieferanten an den Drëttlännerlieferanten entstanden.

Fir deem opzehéiere gesäit d'Direktiv folgend Prinzipie vir wat d'Ortsbestëmmung vun der TVA-Besteuerung ubelaangt:

- Bei Liwwerungen tëschent den EU-Länner an Drëttlänner geschitt d'Besteuerung am Land wou den Empfänger säi Wunnsätz huet.
- Bei Liwwerungen tëschent zwee EU-Länner geschitt d'Besteuerung, am Fall wou den Ennverbraucher der Steuer, der TVA net ënnerworfen ass, also wou den Ennverbraucher non assujetti à la TVA ass, am Land vum Fournisseur; an am Fall wou den Empfänger en Assujetti ass, also och der TVA ënnerworfen ass, geschitt d'Besteuerung am Land vun dem Empfänger. Deen huet jo all Méiglechkeet an och besonnesch Intérêt fir d'TVA ze deklaréieren, well hie se jo duerch de Wee vun der Déductibilitéit vun der TVA en amont ka selwer ofhalen.

Dëse Prinzip huet als Konsequenz, datt bei Liwwerungen tëschent engem EU-Land an engem Drëttland d'Exporter aus den EU detaxéiert sinn an d'Importer an en EU-Land besteiert ginn an deem Land, dat se importéiert. Doduerch missten d'Fournisseuren aus den Drëttstaaten sech an all EU-Land mat deem se elektronesch Dénegschtleeschungsverkéier hu fir d'TVA identifizéieren. Fir deene Fournisseuren awer hir Aufgab ze erliichtere gesäit d'Direktiv vir, datt se nëmmen an engem EU-Land sech ze identifizéiere brauchen, an datt dat Land d'TVA mat deenen anere Länner verrechent, d'TVA, déi nom Taux vun deem jeeweilegen Importland zur Rechnung gedroe gëtt.

Eng zweet Konsequenz vun deem Prinzip ass déi, datt bei Liwwerungen bannent der EU un en Ennverbraucher de Fournisseur a sengem Land d'TVA nom Taux vu sengem Land erhieft. Dat bréngt e Standuertvirdeel fir dat Land mat sech, dat deen niddregsten TVA-Saz an der EU huet. Dat ass nun eemol eist Land, wa mer vun der Spezialdispositioun fir Madeira ofgesinn.

Eng weider Konsequenz ergëtt sech aus der Emsetzung vun dëser Direktiv fir eis Betriber, déi Servicer iwwert den elektronesche Wee